

D'ALIA huet och eng gewësse Kompetenz kritt. Mee mir dierfen och net d'Polizisten ... Also, pardon, wann ech dat soen, et wier ... Ech wëll och net an enger Gesellschaft liewen, wou ech weess, dass all Post, deen ee mécht, alles, wat ee mécht, kontrolléiert gëtt an eng Instance do ass, déi alles kontrolléiert. Mee Abuse musse kënnen denoncéiert ginn!

A wat wichteg ass, ech wëll just drun erënneren: Deen europäesche Kader ass ganz wichteg, well gleef mer, wa mir als Lëtzebuurger soen: „Bei eis geet dat esoul“, ass dat verschiddene Leit, déi elo Twitter kaf hunn zum Beispill, zimmlech wurscht. Mee wann den Thierry Breton als europäesche Kommissär an Amerika flitt, fir dem Elon Musk ze soen: „Hei, dat dote sinn déi Reegele, déi mussen awer respektéiert ginn!“, huet dat méi Poids – a jo, et muss een dat och heiansdo an aller Bescheidenheet agesinn –, wéi wann ech oder Dir oder d'Madamm Tanson an Amerika flitt, fir dat ze maachen. Dowéinst, mengen ech, ass och deen europäesche Kader hei ganz, ganz wichteg.

Här President, eng divergent Meenung ass keng Fakenews. Eng Feelinformatioun oder eng net komplett Informatioun ass och keng Fakenews. Well bei enger Desinformatioun, Här President, enger richteger Desinformatioun geet et jo am Fong och drëms, d'Leit ze manipuléieren. An ech muss ech Iech awer soen, dass mer dat zu Lëtzebuerg eiser Press net kënnen ënnerstellen!

Mir liewen an enger Zäit, wou mer gesinn, dass d'Emotioun ganz séier héichkachen, dass – an ech hunn et virdru gesot – ganz vill Leit eppes deelen, ganz vill Leit eppes Kritesches maachen. Och den Anonymat hëllef, well wann een net muss ënner sengem richtegen Numm eppes soen, hëllef dat och, fir sech kënnen richtig ze lachéieren an nuets ... a wéi oft gesäit een um Gericht Leit, déi dann awer Hatespeech maachen, déi dann den Dag drop soen: „Jo, mee ech war eleng doheem an dann op eng Kéier eleng virum Schirm mam Béier ass ee méi kéng.“ Dat muss een och just eng Kéier wëssen. An ech mengen, dass och dofir Urteeler vis-à-vis vun deene Falschinformationen, vis-à-vis vun deenen Hatespeechen, vis-à-vis vum Verbreede vu falsche Saachen awer riskant sinn.

Ech maachen awer den Ënnerscheid tëschent Hate-speech a Falschinformation. Bei Falschinformation geet et drëms, Leit ze manipuléieren. Et geet jo meeschtens drëms, e But hannendrun ze hunn, fir Profitt och kënnen eraszezéien, ob et e politesche Profitt ass oder fir deen aneren an der Gesellschaft erfzemaachen, wou den Hatespeech einfach ze condemnéieren ass, egal wéi et ass. Do si Limitten, déi wierklech iwwerschrott ginn, wann déi och promouvéiert ginn. An do muss een eeben och mat de Provideren, mat deene Plattformen, déi et gëtt, déi richtig Reegele fannen.

An da last but not least ass och den Accès à l'information gefrot ginn. Ech wëll just drun erënneren, dass d'„Circulaire Bettel“ och reforméiert ginn ass. Et ass jo och eng nei erauskomm. Do si mer och amgang, déi ze analyséieren, a mir missten normalerweis an deenen nächste Méint och zesumme mat de Journalisteverbänn kënnen den Topo zéien, wou de Schong dréckt oder wou de Schong net dréckt. Ech hu gesot, do géif et och keen Tabu ginn.

Dir gesitt, dass mer net probéieren, Saachen ze museléieren. Mir hate jo déi Decisioun elo och vum europäesche Cour kritt iwwert den RBE, all déi Saachen. Et ass net, dass mer d'Press wëlle museléieren. Et muss de Kader sinn, deen och richtig ass an dee stëmmt.

Op jidde Fall, Här President, wëll ech der Madamm Adehm hei och spezifesch Merci soe fir dee Sujet, well et ass e wichtige Sujet. A mir sollen net mengen,

mir wiere verschount vun deem Ganzen. Mir hu gesinn, wat awer Falschinformation kënne mat sech bréngen. Mee jiddweree soll sech bewosst sinn: Se ze liesen, ass eng Saach. Dat ass déi einfachst Saach. Sech eng Meenung ze maachen, ass heiansdo méi schwéier, mee da muss ee se vergläichen. Mee se ze deelen, se ze liken, dann ass ee Kompliz vun enger Falschinformation!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Premier- a Medieminister Xavier Bettel. An d'Wuert huet elo d'Madamm Justizministesch Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo, gudde Mëtten. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci der Madamm Adehm, dass se déi Debatt hei ugestouss huet, déi effektiv extreem pertinent a relevant ass, net just an engem Waljoer wéi deem, dat elo usteet, mee konstant. Déi eenzel Beispiller si schonn ugeklongen, déi eis alleguerte beonrouegt hunn an déi och weisen, dass mer de Phenomeen vun der Desinformatioun wierklech net dierfen ignoréieren.

Dat ass och e Constat op internationalem Niveau. Mir hate mat der OCDE an enger Ministerielle, déi och schonn ugeklongen ass, virun zwou Wochen hei zu Lëtzebuerg och dee selwechte Constat gemaach. An déi ganz Initiativ op OCDE-Niveau ass ausgeléist ginn eeben och duerch déi wierklech vehement a gravéierend ... Manifestatioun ass wierklech ze vill e klengt Wuert, mee déi Invasioun vum Kapitol am Januar ze joert.

Dat heescht, et ass wierklech e Phenomeen, dee mer international gesinn, wou och Analyse weisen, dass déi Desinformatioun och geziilt vun auslännesche Staate gemaach gëtt, fir en Impakt op den Ausgang vu Walen ze hunn a fir Meenungen an anere Länner ze beaflossen. Duerfir ass et extreem wichteg, dass mer eis Kräften op internationalem Niveau bündelen. Mir als Lëtzebuerg hunn do eng Limitatioun u Moyenen, déi mer hunn, duerfir ënnerstëtze mer och all europäesch Initiativen an deem Sënn.

Do sinn der ganz vill an der Lescht geholl ginn an et sinn der och nach anerer en cours, wou et virun allem drëms geet, d'Plattformen och ze responsabiliséieren, datt se och besser filteren, wat online bleift a wat net. An da koum och haut nach en Urteel vun der Cour de justice dozou, wéi mat den Daten ëmzegoen ass. An et sinn einfach Thematiken, déi permanent an der Diskussioun sinn.

Op OCDE-Niveau hu mer elo zréckbehalen, dass mer déi ministeriell Konferenz all zwee Joer wäerte maachen, dass och en Zentrum etabliert gëtt, fir sech ganz spezifesch mat där dote Fro ze beschäftegen op dem Niveau vun der OCDE, eng „plateforme de centre de ressources“, déi wierklech och soll all de Pouvoirs publics hëllefen, de Medien an den Organisatiounen, fir hir Aktiounen ze renforçéieren.

Wat mech awer bei där Etüd, déi parallell gemaach ginn ass, déi iwwert d'Confiance – well dat ass jo alles liiert – vun de Bierger an d'ëffentlech Instanze gemaach gouf, wierklech inquietéiert huet, dat ass och, dass ganz vill vun de Leit, déi gefrot gi sinn, an zwar 38,8 %, och net méi déi richtig Confiance hunn an d'Médias d'information, also an déi klassesch Medien, déi et also wierklech gëllt ze stäerken. An ech mengen, dat huet de Medieminister jo och schonn developéiert, wat mir zu Lëtzebuerg do alles maachen.

Mir hunn awer och en Dispositif fir déi stroferechtlech Virgeënsweisen. Et kann een zu Lëtzebuerg eng Plainte maachen, wa falsch an domageabel Aussoe gemaach ginn, wann diffaméiert, calomniéiert, injuriéiert gëtt oder wann Incitation à la haine bedriwwen gëtt. An natierlech gëtt och d'Provokatioun duerch d'Diffusioun vu Message a Contenuen, déi zu terroristeschen Infractiounen opruffen, zu Lëtzebuerg bestrooft.

Wat elo dee Kader ubelaangt, deen d'Madamm Adehm opgeworf huet, deen et a Frankräich gëtt, Éisträich huet en änlechen Dispositif, an Däitschland huet dat net esou gutt fonctionéiert: Dat ass sécherlech eng Fro, déi ee sech muss stellen, mee et muss een dat extreem gutt cadréieren. Wann e Gericht herno eng Decisioun hält, dann ass dat an der Rei. Wann et just ëm d'Plattform geet, da muss mer natierlech ëmmer gutt den Equivalent maachen tëschent der Meenungsfreiheet an der Freiheit vum Eenzelnen, dem Recht vum Eenzelnen op eng korrekt Informatioun.

Ech menge just, dass mer et fir déi nächst Walen net méi wäerten hikréien. Wann ech bedenken, wéi vill Texter aus dem Justizministère nach am Staatsrot leien, da mengen ech, wa mer elo en neien Text géifen op den Instanzeweie ginn, dass mer deen net géife matzäit erëmkreien.

Ech wollt awer nach e leschte Punkt och opwerfen, eppes, wat mech och ëmmer erëm interpelléiert. Dat ass den Émgang an zu Lëtzebuerg mat Falschinformationen. Ech hat elo déi lescht Deeg nach e Video circuléiere gesinn – an dat ass am Fong eng Fro, mat där d'Parlament sech och ka befaassen –, an deem Aussoen, déi ech hei gemaach hunn am Kader vun der Jugendkonferenz iwwert d'Méiglechkeet, fir en drëtten Genre anzeschreiwen, wat och eng Demande vun de Jonke war, déi hei am Plenum waren, dann och erëm deforméiert gi sinn an dorausser dann d'Ausso gemaach gëtt, ech wëllt déi biologesch Identitéit auslöschen. Dat schreift sech an an dee selwechte Kontext, wéi wou ech de Papp schonn eng Kéier wollt „ofschafen“.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | An ech mengen, dass et net sënnslos wär, wann och d'Chamber sech géif eng Kéier dermat beschäftegen, wéi dann d'Videomaterial aus der Chamber ka benotzt ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. Dese Punkt ass domat ofgeschloss.

**5. 8087 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés pour personnes âgées et centres psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique**

Den nächste Punkt ass de Projet de loi 8087 iwwert d'Afëiere vu Bähëllef fir Strukture fir eeler Leit, déi vun der Hausse vun den Energiepräisser betraff sinn. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Josée

Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Marc Goergen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen ech Iech elo virstellen, ass schonn dee sechste vun enger Serie Projeten, déi am Kader vum Solidaritéitspak 2.0 hei an der Chamber zur Diskussioun an och zur Ofstëmmung stinn.

Den zweeten Tripartite-Pak, deen d'Regierung den 28. September dëst Joer mat der CGFP, dem LCGB, dem OGB-L an dem Patronat ënnerschrifwen huet, gesäit eng ganz Rëtsch vu Bähëllef fir d'Stëit an och fir d'Betribler vir.

Mir vergiessen awer net eis eeler Leit, eis eeler Matbierger, déi an den Altersheemer, an de Fleegeheemer, an de psychogeriatreschen Dageszentren an och am Betreite Wunnen ënnerdaach sinn. Mir vergiesse si mat dëse Mesuren net. Och si si frou, wa se ënnert d'Äerm gegräff kréien, well och si vun den Haussé vun den Energiepräisser betraff sinn.

Beim Projet de loi, iwwert dee mer elo diskutieren, geet et ganz spezifesch ëm de Punkt 5 vum Tripartite-Accord an dass dat, wat do drasteet, elo soll gesetzlech festgehalen ginn. De Staat bitt Hëllef an fir agreéiert Strukturen, déi vun der Erhéijung vun den Energiepräisser betraff sinn. Mir wëllen d'Residenten an d'Benotzer vun den agreéierte Strukturen ënnerstëtzen a séchergoen, dass d'Energiepräishaussen net op den Hebergementspräis vun dëse Strukturen ofgewälzt ginn.

A Fro komme Méikäscht fir den Akaf vun energieetesche Produite wéi de Stroom, Gas aus dem Netz, kompriméiert Gas, Holzspéin, Pellets, de Masutt fir ze heizen an d'Hëtzt, déi à distance vun enger Energiezentral produzéiert gëtt.

Dës Mesure gräift ab dem 1. Oktober 2022, also retroaktiv, a gëllt bis den 31. Dezember d'nächst Joer. D'agreéiert Strukturen däerfen hir Hebergementskäschten an d'Dagespräisser also net eropsetze par rapport zum Präis, deen am Mount September 2022 facturéiert ginn ass. Eng Ausnam ass d'Upassung vun de Präisser un d'Échelle mobile vun de Salaires, dat heescht d'Upassungen, déi ufalen, wann och den Index ufällt.

D'finanziell Participatioun vum Staat ass awer limitéiert an deem Sënn, dass d'Quantitéit vun energieetesche Produiten an och vum Stroom, déi fir eng Hëllef kann ugefrot gi pro Mount, net déi därer iwwerschreiden, net déi därer depasséieren, déi an der Moyenne monatlech konsumméiert gouf tëschent dem 1. Januar 2009 (veuillez lire: dem 1. Januar 2019) an dem 31. Juni 2022. Mat dëse Mesurë suerge mer also och derfir, dass eis eeler Matbierger net am Rees stoe gelooss ginn.

Wichtig ass och hei, nach eng Kéier ze soen, dass et d'Europäesch Unioun ass, déi et dem Lëtzeburger Staat erlaabt, déi agreéiert Strukturen temporaire duerch geziilt Aiden ze ënnerstëtzen. D'Europäesch Kommissioun huet den 28. Oktober dëst Joer entscheet, den Encadrement temporaire de crise, de Framework, ze verlängere bis Enn 2023, woumadder mer och gerechtere haten. Déi nei Hëllef, déi am Gesetz vun haut virläit an déi hei beschriwwen gëtt, ënnerläit also och wéi déi viregt Hëllef dem Accord vun der Europäescher Kommissioun.

Ech wëll elo och nach op de Käschtepunkt vun dëser Mesure agoen. Dir wësst, dass de Solidaritéitspak 2.0

mat 1,1 Milliarden zu Buch schléit, an dovunner si fir déi Mesure, déi mer elo hei decidéieren, 7,91 Milliounen Euro virgesinn. Et därer een natierlech net vergiessen, dass dëse Betrag ofhänkt vun der Evolusioun vun den Energie- a vun de Stroumpreisser a soumat relativ schwéier anzuschätzen ass.

Wéi si mer op déi ronn 8 Milliounen komm? De Präis pro Stull respektiv pro Bett ass op den Energiepräis, deen am September berechent ginn ass, mat 1,34 Euro festgeluecht ginn, an do ass eng Erhéijung vu 60 % vun den Energiepräisser matagerechent ginn, soudass mer vun engem Präis ausgi vun 2,14 Euro. Déi 2,14 Euro, déi gi multiplizéiert mat deenen Deeg, déi a Fro komme bis den 31. Dezember d'nächst Joer, dat heescht vum 1. Oktober retroaktiv bis den 31. Dezember d'nächst Joer, dat si 457 Deeg. An dat Ganz gëtt multiplizéiert mat der Unzuel vun de Better, dat sinn der ronn 8.000, an da kënn een op déi 7,91 Milliounen.

Ech géif eng Kéier ganz kuerz op d'Avisen agoen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn. D'COPAS huet gefrot, dass d'Eligibilitätsperiod soll op den 1. Februar 2022 zrëckgesat ginn an do soll ulafen a besonnesch dass déi agreéiert Strukturen méi laang Zäit solle kréien, fir hir Demanden eranzerechen. Opgrond vun dëser zweeter Propos ass och en Amendement gestëmmt ginn, deen dann zrëck an de Staatsrot gaangen ass. Mir hunn dat an dësem Text och ugepasst a mir hunn nach – une fois n'est pas coutume – decidéiert, den Avis vun der COPAS als Document parlementaire hei un de Rapport matunzehellen.

D'Chambre de Commerce huet proposéiert, dass d'Referenzperiod nëmme vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021 soll goen.

An de Staatsrot huet a sengem éischten Avis eng Opposition formelle gemaach, well de Begrëff „chaleur“ am éischten Artikel net kloer genuch definéiert war. En huet do eng Textpropos gemaach. Déi Textpropos huet d'Kommissioun ugeholl, soudass mer den Text ouni Opposition formelle du konnten eraginn, mam Amendement, wéi gesot, vun der COPAS, fir en zweeten Avis vum Staatsrot.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi huet hiren Accord ginn zum Projet de loi. An och d'Chambre des Salariés huet hiren Accord ginn. Si gëtt just ze bemerken, dass déi agreéiert Strukturen hir Tariffer kéinten erhéien ab deem Moment, wou natierlech d'Eligibilitätsperiod ofleeft.

Voilà! Ceci étant dit, hunn ech Iech d'Detailer vun dësem Projet de loi elo ginn an ech ginn och gläichzäiteg den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

#### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Gilles Baum.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz ageschrifwen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir seng Erklärungen zu deem Projet, deen eng grouss Noutwendegkeet ass an dëser Situatioun fir allegueren déi agreéiert Strukturen, well mer jo allegueren wëssen, wat dat bedeit, wat do Hëtzes kascht an och wat déi Energieträger alles brauchen.

Mir hu jo och aner Hëllef decidéiert heibannen, respektiv et wäerten nach verschidde Projete kommen, fir och de Privatstëit ze hëllef, fir och de Betribler ze hëllef, wat och richtig ass a wat och noutwendig ass an dëser Situatioun.

Här President, Dir konnt de leschten Dënschteg net hei sinn. Do huet eng Deputéiertekollegin gesot, d'Temperaturen heibanne wieren net grad agreabel. Dat koom vun där doter Säit, wou dat ënnerstrach ginn ass.

(*M. Marc Spautz désigne avec la main le banc de la majorité.*)

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hoffen, dass ech net dru schold war.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Dat ass awer gutt méiglech. Dir waart jo net hei, da waart Dir Schold.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et war awer hëtzeg.

(*Hilarité*)

**M. Marc Spautz** (CSV) | Et war eng hëtzeg Debatt. Dat ass eppes aneres.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et war awer hëtzeg, muss ech Iech soen.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Mee an den Altersheimer an an de Fleegeheimer an och an deenen anere Struktur sinn d'Leit u verschidden Temperature gewinnt. An ech mengen, dass et do awer och gläichzäiteg muss garantéiert sinn, dass mer do vläicht och Ausname maachen an dass do net muss komplett zougedréit ginn, ...

#### Une voix | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... well dat si Leit, déi net andauernd a Beweegung sinn, déi eng, well se net méi kënnen, an déi aner, well se awer nawell Hëtzt a Wäermt brauchen, net nëmme déi mënschlech Wäermt, mee och déi Wäermt, déi an de Gebaier muss sinn.

A wa mer déi Moyenne rechnen, wéi den Här Rapporteur et ganz richtig ënnerstrach huet, wéi et esou an den Haiser ass, muss een do awer och herno kulant sinn an dat och kucken, well do kann ech mer virstellen, dass mir Haiser hunn, déi topp sinn. Déi sinn um allerleschte Stand. A mir hunn Haiser, déi kommen op deen allerleschte Stand. A mir hunn Haiser, wou dat net de Fall ass, soudass een dat awer och herno muss an der Mëtt kucken a sech eng Kéier kulant och dann d'Fro stellen: Ass dat berecht oder net berecht?

Ech verstinn, dass eng Reegel muss do sinn, well wann ee keng Reegel dra setzt, da mécht jiddwereen, wat e wëll, an et kuckt een no näischt. Dofir verstinn ech dat och ganz gutt. Mee ech wëll awer gläichzäiteg soen, dass et och Haiser gëtt, déi net déi selwecht Energiekrittären hu wéi aner, an dass et do méiglech ass, dass awer déi Präisser géifen depasséiert ginn an dass dat herno net därer zu iergendenger Diskussioun féieren, dass déi Leit musse kal do sëtzen an et dann op eemol heescht: „Elo dréie mer dann e bësse méi erof, fir dass mer awer an deene Berechnungen bleiwen!“

Ech mengen, dass dat wichtig ass an dass dat och heibanne vu jiddwengem esou verstane gëtt, dass mer zwar esou eng Reegel am Gesetz mussen hunn, mee dass et awer och duerno muss méiglech sinn, deene Leit dat ze ginn, wat se brauchen.

Dofir war ech frou – a mir hunn dat jo och matgedoen –, dass deen Amendement, déi Propos vun der COPAS, komm war, wou gesot ginn ass, mir sollten do en anere Wee sichen.

Et kënn zwar elo net zu Tarifferhéijunge weinst den Energiepräisser, wat eng ganz gutt Saach ass, well mer jo och do nach mat engem anere Projet iwwert d'Qualitéitskrittären amgang sinn, dee jo och elo beim Staatsrot läit, wou jo och heibannen nach wäert eng Diskussioun stattfannen. Mee et ass awer

och wichtig – an dat wëll ech ënnersträichen an ech hoffen dat gläichzäitig –, dass awer och elo net déi Präisentwécklung wéinst anere grouss Punkte ka kommen.

Den Här Baum huet ënnerstrach, den Index géif doudséchur zu Präiserhéijunge féieren. En huet net gesot „doudséchur“, mee en huet gesot, déi wären extra erausgeholl ginn. Mee et muss een awer och do ëmmer drun denken, wat dat fir eng Belaaschtung ass fir verschiddener vun deene Leit, déi do sinn. Déi eng kënne sech et leeschten, déi aner Leit hu Problemer dermat, an do misste mer nach eng Kéier de moment venu och heibannen eng Diskussioun derzou féieren.

Fir de Rescht géif ech awer fir dëse Projet, esou konkreet wéi en elo ass, d'Zoustëmmung vun der Chrëscht-lech-Sozialer Vollekspartei zu dësem Gesetz ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Vir-op géif ech gären dem Gilles Baum, eise President vun der Kommissioun, villmoos Merci soe fir säi ganz gudd Rapport. Dat erlaabt et mir, e bësse méi kuerz ze bleiwen. An en huet et och scho gesot: Dëst Gesetz setzt eigentlech de fënnfte Punkt vun deem Tripartite-Accord vum leschte September ëm.

Et ass also e weidert Puzzlestéck vun engem globalen Accord tëschent de Sozialpartner, dee virun allem sozial Konflikter a finanziell Enkpäss verhënnert an dësen dach fir vill Bierger a Biergerinne schwierigen Zäiten.

Et wonnert sécherlech kee Mënsch heibannen, dass mir als LSAP ganz gären eisen Accord zu dësem wichtige Gesetz ginn. Mir droe mam Text engersäits derzou bäi, dass d'Präisdeierrecht generell net zousätzlech durch de konventionéierte Secteur ugeheizt gëtt, a mir suergen anerersäits derfir, dass d'Wunnen an de Betreungsstrukture fir eeler Leit net zu engem Luxus gëtt.

D'Salariatskummer hat interessanterweis an hirem Avis drop higewisen, an de Gilles Baum huet et, mengen ech, och mentionéiert, dass awer e gewëssene Risiko besteet, dass nom Dezember 2023 d'Tariffer vun de Strukturen an d'Luucht goe kéinten. Dat ass deen Datum, wéi mer wëssen, vun deem un dëst Gesetz jo dann erëm wäert ausser Kraaft tueden.

A mir mengen, dës Suerg ass sécherlech berechtigt. A mir deelen als LSAP d'Meenung, dass een zesumme mat den Acteuren an deem Moment wäert mussen zesummen no Léisunge sichen, fir dass et net zu enger abrupter Hausse vun den Tariffer kënnt.

D'LSAP steet also voll a ganz zu dësem Gesetz, an ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Cruchten. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmoos merci, Här President. Och déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt natierlech dëse Projet de loi. Mir wëssen, dass déi bal acht Milliounen enger ganz vulnerabeler Bevëlkerungsgrupp zeguttkommen, déi an der Pandemie souwuel kierperlech wéi och mental schonn enorm staark betraff war a vill gelidden huet.

Dat hei ass en Zeechen, mat deem mer weisen, dass mer solidaresch si mat deene Leit, déi an deene Strukturen liewen, an dass mer hei alles maachen, fir dass déi Präisser net explodéieren, eebe grad um Niveau vun den Tariffer, déi musse bezuelt gi vun de Familijen.

Mir warnen awer och virun anere Problemer. Wann ee mat de Gestionnaire vun den Haiser schwätzt, da mierkt een awer och, dass ganz vill aner Suerge sech do mëttlerweil entwéckelen, virun allem och e Personalmangel um Niveau vun der Fleeg, deen een net dierf aus den Ae verléieren, ënner anerem och eebe grad an Alters- a Fleegeheimer, wou mer vill Leit brauchen, fir eng gutt Qualitéit ze garantéieren, grad ewéi an de Spideeler. Mee och dëse Secteur leit ënner d'Ofhängegkeet vum Ausland, wann et drëms geet, déi eeler an ofhängeg Leit gutt ze encadréieren. Do musse mer en A drop halen.

Op där anerer Säit musse mer natierlech och bedenken, wat och d'Kollege virdru gesot hunn: D'Tariffer riskéieren trotzdeem, an Zukunft eropzuegoen! An ech mengen och, dass et da wichtig ass, nei Diskussiounen ze féieren, dass mer si och dann net dierfen am Rees stoe loossen.

An esou schléissen ech mech genee deem un, wat och mäi Virgänger gesot huet, den Yves Cruchten: Et geet net mat dëse Moosnamen duer! Mir mussen de Secteur generell am A behalen an do hëllefen, wou mer kënnen, fir dass déi Populatioun net nach eng Kéier vulnerabel gëtt. Se ass et scho genuch.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An d'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, villmoos merci. Contrairement zu aneren Diskussiounen, déi mer mol hei an deem Haus féieren, ass dat hei eng, déi engem wierklech ganz vill Freed ka maachen, well ee gesäit, dass awer jiddereen hei vill Suergen deelt. An dat Wuel vun den eelere Leit an deene Strukturen ass eppes, wat eis alleguer beschäftegt. An ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach.

Ech wëll dofir och speziell der Madamm Lorsché an dem Här Spautz Merci soen, well dat ass genee dat, wou mir och an déi Richtung wëlle goe fir ze soen: Et ass ganz wichtig, dass mer virun allen ekonomeschen an anere Consideratiounen derfir suergen, dass déi Schwaach an eiser Gesellschaft – an dozou gehéieren nun emol déi Leit an deene Strukturen – anstänneg versuergt sinn an dass se zum Beispill, wéi den Här Spautz et gesot huet, net nëmmen déi mënschlech Wäermt, mee och einfach déi kierperlech Wäermt kënnen hunn, déi se brauchen.

An dëser Diskussioun, mengen ech, sinn e puer Kommentaren, déi een awer politesch muss maachen. Deen éischten ass, dass mer hei natierlech erëm vun aacht Milliounen schwätzen an engem Gesamtkontext, dee mer net éiweg wäerten aushalen. Dat muss een einfach soen. Mir si mat deenen Equilibrierungsmoosnamen vun de Sanktiounen wäit iwwer zwou Milliarden. Iergendwéini sinn eis Grenzen erreicht. Mir wëssen, wéi eis Scholde sech an den nächste Joren entwéckelen. Mir mussen also wëssen, dass dat heiten eng wichtig Politik ass, eng néideg Politik am Abléck, awer och eng, wou mer mussen aner Perspektiven entwéckelen, well ganz laang kënne mer se net viruféieren.

En zweete Kommentar ass dee vun der Chambre de Commerce an deem Kontext, deen, mengen ech, och ernimmenswäert ass. Well an dem Kontext vun der ekonomescher Perspektiv seet si jo och, dass

iergendwéini, trotz deem Gesetz hei, warscheinlech awer de Käschendrock esou grouss gëtt, dass d'Tariffer mussen erhéicht ginn. Dat muss mer onbedéngt am A behalen, eebe just fir dat ze verhënnern, wat och Virriedner gesot hunn, nämlech dass mer op eemol an eng Situatioun kommen, wou sech eeben net méi jidderee kann esou eng Plaz iwwerhaapt erlaben. Esou wäit dierf et ni kommen an eiser Gesellschaft. Mir mussen ëmmer derfir suergen, dass d'Méiglechkeet besteet, an esou en Heem ze goen.

An en drëtten interessante Kommentar ass gemaach gi vun der Chambre des Salariés an deem Sënn, dass se op den Indexmechanismus ugespillt huet. Op wat gëtt deen nämlech gerechent? D'Chambre des Salariés huet gesot, dass misst wierklech just op d'Lounmass sinn. Och dat ass en interessanten Aspekt. Den Index spillt bei eis am Land e ganz wichtige Rôle. Mir bekennen eis absolutt dozou. D'ADR gehéiert net zu deene Parteien, déi mat Iddie spekuléieren wéi engem gedeckelten Index oder anere Saachen, déi een emol bei aneren héiert. Dat maache mir net.

Mee et ass awer och wichtig, déi Debatt iwwert den Effet auto-allumeur vum Index am A ze behalen a wierklech den Index dorobber ze applizéieren, op wat e soll applizéiert ginn, woufir en do ass, an net doruwwer eraus. An ech mengen, mir mussen an dësen Zäite vun ugespaante finanzielle Méiglechkeeten och kucken, dass mer déi korrekt Applikatioun vum Index wierklech am A behalen.

Mee dat gesot, ech hat et virdru gesot, ass dat hei Gesetz wierklech eng mënschlech Selbstverständlechkeet. Mir si frou, dass et eis haut hei virgeluecht gëtt, a mir stëmmen et och dowéinst gär mat.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An dann ass d'Wuert fir déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir stëmmen dëse Projet mat, well e verhënnert, dass déi héich Energiekäschten direkt op d'Alters- a Fleegeheimer duerschloen an domadder dann och op déi eeler Leit, déi ganz oft scho vun den héijen Tariffer an den Alters- a Fleegeheimer betraff sinn.

D'CSL huet virun dräi Joer an enger Etüd berechent, dass 77 % vun de Fraen an den Heemer, déi selwer oft ganz vill geschafft hunn, awer net cotiséiert hunn, eng Rent hunn, déi ënnert dem Tarif vum Altersheem läit. Si sinn dann op d'Famill oder den FNS ugewisen. Et ass schwéier ze verdauen, dass iwwer 600 Leit an engem CIPA d'lescht Joer beim FNS Hëllef gefrot hunn, fir dat kënnen ze bezuelen.

Dobäi muss ee wëssen, dass de Fonds national de solidarité jo a Wierklechkeet net ganz esou solidaresch ass an déi Suen duerno jo bei d'Familljen erëmfroe geet. Dëse System ass zudéifst ongerecht, well d'No-kommen ëmmer erëm e Rappel à l'ordre kréien, well hir Elteren a Grousselteren net räch genuch waren a sinn, fir de leschten Abschnitt vun hirem Liewen, dee leider oft vu Krankheet a kierperlech a gescheitem Zerfall geprägt ass, selwer ze finanzéieren.

A firwat ass dat esou? Ma ganz oft, well d'CIPAn haut Privatbetriber sinn oder zumindest gefouert gi wéi e Privatbetrieb. D'Minimisierung vun de Käschten an d'Maximisierung vun de Profitter sinn do déi entscheidend Kritären. Säit Kuerzem ass jo och gewosst, dass an Zukunft och CIPAn vu grousser Multi-nationalle gefouert wäerte kënne ginn, fir déi d'Mënschen am Heem just nach e Präisschëld sinn.



Här President, mir stellen awer fest, datt d'Regierung, och wa se ORPEA net verhönnere konnt oder wollt, och keng Ustrengung ennerhëlt, fir d'Tariffer an den Alters- a Fleegeheemer ze reglementéieren. Mat Duerchschnittspräisser vun iwwer 2.700 Euro fir e Basiszëmmer ecartéiere mir haut schonn eng Partie Mënsche mat ganz kleng Revenuen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Renten, pardon. Den FNS ennerstëtzt och just bis e bestëmmte Plaffong. An dann? Wann d'Präisser esou héich sinn an da keen Cent méi iwwreg ass, fir sech selwer epees ze gënnen, fir bei de Coiffeur ze goen, fir gewäsch oder gestreckt ze kréien, ass dat einfach schrecklech!

Dat ass also eng gréisser Problematik, déi d'Regierung awer mat dem aktuell virleende Gesetzesprojekt net esou richtig uegt. D'Chambre des Salariés warnt nämlech zu Recht an hirem Avis, datt d'Präisser no 2023, wann dës Energiepräismesure ausleeft, spronghaft kënnen eropgesat ginn. Dat wäert och genee esou passéieren. D'COPAS huet et jo och schonn an hirem Avis quasi indirekt ugekënnegt.

Dat misst eis jo awer weisen, datt et zu enger Präisreglementatioun an den Heemer an zu enger méi nohalteger Finanzéierung vun den Heemer komme muss. Esou Virstéiss gesäit d'Regierung am Moment awer net vir. Dat, wat se mécht, geet an eng aner Richtung. Doduerjer, dass Heembedreier wéi Servior künfteg verstärkt d'Servicer solle kënnen out-sourcen, kënnen also och d'Präisser um Bockel vun de Salarié stabiliséiert ginn.

An do weist sech dann erëm déi batter Realitéit vun deem System: Et betrëfft ëmmer déi Aarm an déi Zerbriechlechst an déi Leit, déi eebe kachen a botze müssen, an dat fir e kleng Loun, a genee an deem dote Secteur notament.

Merci fir d'Nolauschtenen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten haut dës fënneften Deel vun der Tripartite matstëmmen, well et eeben eng Berouegung ass fir déi Bewunner vun den eenzelnen Heemer, wou se kënnen berouegt sinn, dass d'finanziell Laascht net ze vill klamme wäert.

Jo, et sinn e puer Detailer, iwwert déi een hätt kënnen diskutéieren. Wéi d'Chambre de Commerce och richtig opgeworf huet, hätt ee kënnen mam 1. Februar ufänken, wéi dat och zum Deel bei den Entreprises de Fall ass. Mee dass dës Package haut esou komm ass, ass schonn emol dee richteg Schrëtt.

Wat awer elo bedenkelech fir d'Zukunft ass, ass déi Formule mam Index. Net den Index a sech, mee wéi den Index an de Seniorië berechent gëtt. Dee gëtt nämlech op de ganze Montant berechent an net just op deene Leeschtungen, déi eigentlech personalbedéngt sinn.

Dat heescht, Äert Zëmmer, Äre Steen, Är Miwwelen, alles, wat Der an der Seniorië hutt, gëtt domat méi deier, wann den Index klëmmt. An dat ass sécherlech eng Diskussioun, déi een eng Kéier muss féieren, ob dat nach korrekt ass. Well et si vill Leit am Land, déi elo schonn ënnert d'Präisser an de Seniorië leiden, déi déi net kënnen bezuelen an déi sech dann och déi Zousazleeschunge just nach dreeme kënnen, mee net realiséieren.

Dofir sinn ech och amgaangen, en Dossier ze maachen, wou ech all d'Präisser vun den eenzelnen Altersheemer

queesch duerch d'ganz Land erfaassen, fir dass mer d'nächst Joer hei kënnen eng Diskussioun hunn iwwert d'Präisstruktur vun de Seniorien, wéi d'Leit do ennerbruecht sinn a wéi dat nach ze finanzéieren ass.

Allgemeng sinn nämlech an eisen Aen d'Käschten an de Seniorië fir d'Leit ze héich, vergläicht een et mat dem Pensiounsduerschnitt. A wann d'Präisser schonn esou héich sinn, ass et fir eis Piraten och kloer, dass d'Infrastruktur muss stëmmen. An do hat ech der Ministesch d'lescht Joer, 2021, schonn eng Question parlementaire gestallt, ...

(Interruption)

... an där et drëm gaangen ass, firwat da keng Toiletten oder keng Duschen an deenen Zëmmeren ze fanne sinn. Dat ass fir eis Piraten en Zoustand, deen net ze akzeptéieren ass. Et kann net sinn, dass een u sengem Liewenswond mol keen Zëmmer méi kritt, wou eng Toilette mat dran ass! Dat ass fir eis einfach onerdreiglech, well och déi Leit hunn nach e Recht op hir Privatsphär. Vun der Dusch nach guer net ze schwätzen, mee ech ginn elo haut emol op d'Toiletten an.

Duerfir hunn ech och eng Motioun matbruecht, an där ech d'Regierung opfuere, dass se bis am Joer 2024 op d'Seniorien awierkt, fir dass déi Toiletten endlech op den Zëmmer wäerten ze fanne sinn an dass d'Leit net müssen iwwert de Gank oder an aner Strukturen dofir goen, fir hinnen esou d'Liewen ze erlichten.

Merci.

**Motion 1**

*D'Chambre vun den Deputéierte stellt fest,*

– datt et eng Fro vun Dignitéit fir déi Betraffen ass, eng eegen Toilette am Zëmmer ze hunn;

– datt et laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4733 Stand Juli 2021 271 Logementer a 7 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer gëtt, déi keng eegen Toilette hunn;

– datt sech dës Zëmmeren enner anerem am Foyer St. Elisabeth, am CIPA „Am Park“, am CIPA „Um Lauterbann“ an am CIPA „Roude Fiels“ befannen;

– datt d'Covid-19-Pandemie op erschreckend Aart a Weis gewisen huet, wéi eng Konsequenz gemeinsam Sanitäranlagen an engem Alters- oder Fleegeheem kënnen hunn.

*Aus dëse Grënn invitéiert d'Chambre vun den Deputéierten d'Regierung,*

– all Alters- a Fleegeheem ze verpflichten, Zëmmeren, déi bis elo ouni Toiletten offréiert ginn, bis spëtstens den 8. Dezember 2024 ëm eng Toilette ze erweideren.

(s.) Marc Goergen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Villmools merci och all de Riedner haut zu dësem Projet a merci och fir Är breet Zoustëmmung. E grouse Merci un de Rapportier fir deen exzellente schreftlechen a mündleche Rapport. Ech géif gär just ganz kuerz hei op e puer Saachen agoen, déi gesot gi sinn.

Éischtens emol war et fir eis evident, dass, wa mer an enger Energiekris sinn, déi Leit, deene mer alles ze verdanken hunn hei am Land, déi hire Liewenswond an engem Alters- oder Fleegeheem verbréngen oder

déi och daagsiwwer emol an e CPG (ndlr: Centre psycho-gériatrique) ginn, net dierfen ënnert deenen Energiepräisaugmentatiounen leiden. An dofir sinn ech immens frou, dass mer an der Tripartite konnten decidéieren, dass déi Präisser net géifen an d'Luucht goen, doduerch, dass mir dat da géife kompenséieren an den Haiser.

An et ass gesot ginn, mengen ech, vum Här Spautz: Déi Haiser, déi sinn net alleguerten d'selwecht! Et si méi aler derbäi, et si fonkelneier derbäi. Ech wëll just eng Kéier soen, dass d'Awunner vu Rémeleng a vun Déifferdeng elo alleguerten geplënnert sinn an e fonkelneit Haus. An ech si sécher, dass dat natierlech vun der Isolatioun hier ganz anescht ass wéi déi Haiser, aus deene se elo erausgeplënnert sinn, wat och heescht, dass de Gestionnaire natierlech och manner héich Energiekäschte wäert hunn, well d'Haus natierlech vu vireran einfach besser isoléiert a besser gebaut ass wéi déi Haiser, déi eeben extreem al sinn.

An dofir war et fir ons evident, wéi gesot, dass d'Leit op kee Fall solle mussen méi bezuelen. A wann d'Regierung decidéiert, méi wëllen oder iwwerhaupt mol wëllen ze hëllefen, fir d'Energiekäschten ze decken, da wëlle mer natierlech en contrepartie, dass d'Gestionnaire sech och engagéieren, d'Präisser net an d'Luucht ze setzen.

A fir do direkt op dem Här Georgen seng Fro ze komme vun de Präisser: Dat ass ganz léif, dass Dir dat maacht. Mir maachen dat och am Moment, well dat neit Gesetz ass jo ennerwee, d'ASFT-Gesetz, wou mer wierklech amgaange sinn, un engem Internetsite ze schaffen. An do wäert Der an Zukunft kënnen gesinn, wéi vill wéi een Zëmmer wou kascht a wat am Präis mat dran ass. Well ech wëll hei just eng Kéier soen: Bei Verschiddenen ass zum Beispill, ech soen emol, d'Gedrénks beim Iesse mat dran, bei aneren net. Bei Verschiddenen ass e puermol den Dag d'Zëmmer maache mat dran, bei anere vläicht net.

Dat heescht, mir wëllen do eng total Transparenz. Dat wäerte mer mat deem Internetsite maachen, fir dass een d'Präisser vergläiche kann a virun allem och gesäit: Wat ass dann iwwerhaupt an deem Präis mat dran? Ass d'Wäschmaachen zum Beispill mat dran oder ass et net mat dran? A wann et net mat dran ass, wivill kascht dat? Dofir villmools merci fir d'Remark. Mir sinn och amgaangen, dorunner ze schaffen. A wann dat Gesetz gestëmmt gëtt, da wäert dat och prett sinn, fir online ze goen, an da wäert een dat alles kënnen vergläichen.

Mir schaffen natierlech och ganz äifreg drun, dass all Zëmmer en eegent Buedzëmmer huet. Mir kënnen a mir wëllen awer natierlech och d'Leit elo net eraussetzen. Et sinn och Leit, déi kënnen net selwer op d'Toilette oder an d'Dusch goen. Dat heescht, et brauch een och Manpower, fir dass d'Leit iwwerhaupt kënnen op d'Toilette oder an d'Dusch goen. Mee och do schaffe mer drun.

All déi nei Haiser, déi opginn – ech hunn elo grad vum Woier geschwat zu Déifferdeng, elo geet och Käerjeng d'nächst Joer hoffentlech op –, déi sinn natierlech no engem ganz anere Standard gebaut wéi déi Haiser, déi schonn e puer Joerzëngten al sinn, soen ech emol, a wou d'Besoinen nach anerer waren. Mee och d'Gestionnaire maache sech ganz, ganz vill Gedanken doriwwer, wéi an Zukunft déi eeler Leit, déi am Moment nach net esou al sinn, wëlle liewen, wéi si wëllen an enger Struktur liewen, wéi si wëllen zesummeliewen, wéi dat iwwerhaupt soll alles aus-sinn. Well ech mengen, dass d'Generatioun vun de Babyboomer einfach aner Besoinen an aner Erwaardungen huet, wéi vläicht nach hir Eltere se dee Moment haten. Dat heescht also, nach eng Kéier, mir sinn amgaangen, dorunner ze schaffen.



Ech sinn amgaang, a mengen Notten ze kucken. Madamm Cecchetti, ech wëll Iech just soen: Also, éischstens emol ass d'ASFT-Gesetz jo ënnerwee. Mir sinn och amgaangen, den Accueil gérontologique ze reforméieren. An ech freeë mech elo schonn, an der Chamberskommissioun kënnen mat Iech doriwwer ze schwätzen. Do geet et effektiv drëms, dass jiddweree sech muss kënnen en Zëmmer an engem Alters- oder Fleegeheim hei zu Lëtzebuerg leeschten. Dat ass och elo esou. Mir adaptéieren dat natierlech elo un d'Gegebenheeten, wéi se haut sinn. An et ass ons och besonnesch wichteg, dass d'Leit och nach en Täschegeld iwwreg behale fir eebe grad déi Saachen, déi Dir opgezielt hutt, fir och nach kënnen bei de Coiffeur ze goen, dem Enkelkand vläicht emol e kleng Kaddo ze kafen oder einfach kënnen enzwousch eng Taass Kaffi drénken ze goen, dass dofir och nach genuch Suen iwwreg sinn. Dat heescht, dat Gesetz wäerte mer geschwënn an der Chamberskommissioun debattéieren an do freeën ech mech da ganz speziell drop.

Voilà, ech soen Iech alleguerten elo schonn e ganz, ganz grouse Merci fir déi breet Zoustëmmung, déi ech grad héieren hunn. Well ech mengen, wann et drëms geet, deene Leit ze hëllefen, ënnert d'Äerm ze gräifen, deene mer wierklech ganz vill schëlleg sinn, da mierke mer, dass mer alleguer zesummenhalen an dat, „ça fait chaud au cœur“, géif ech emol soen.

Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools der Madamm Familljeministesche Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8087. Den Text steet am Document parlementaire 8087<sup>8</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8087 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;*

*MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. Frank Colabianchi) et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### **Motion 1**

Da kéime mer nach zur Motioun, déi vum Här Marc Goergen deposéiert ginn ass. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Scheinbar net, Här President.

**M. Fernand Etgen**, Président | Gelift?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Scheinbar huet bei der Majoritéit keen eng Meenung dozou.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Baum steet op.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Clement, mir si frou, dass Dir och erëm hei sidd.

(Hilarité)

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ech hunn Iech bal vermësst, Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Do, wou Dir méi oft higgitt, gëtt et anscheinend Toiletten aus Gold.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen**, Président | Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | D'Madamm Minister huet virun net grad fënnf Minutten uewen Erklärung ginn, dass d'Leit aus eelere Strukture geplënnert sinn an nei Strukturen. An deenen neie Strukture sinn natierlech souwuel Toilett wéi och Duschen an den Zëmmeren virgesinn. Mir wëssen awer och, dass mer an eelere Strukturen, déi besteeënd sinn, net einfach kënnen dohigoen an an deenen Zëmmeren alleguerten elo eng Dusch an eng Buedbitten oder eng Toilette einfach a besteeënd Raim aplanzen.

Hei steet, mir missten eis dozou verfluchten. Ech mengen net, dass dat maachbar ass. Wat maachbar ass, dat ass ze kucken, déi al Strukturen duerch nei Strukturen ze ersetzen. An déi nei Gebaier, déi gebaut ginn, déi hunn dat jo automatesch.

A schlussfolgernd géif ech da soen, dass mer déi heite Motioun an där doter Form net sollten unhuelen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Baum. Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Also ech mengen, mir wëssen, dass dat heiten eng Saach ass, déi an deem Sënn net realisabel ass. Ech mengen, den Här Baum huet dat elo erkläert. Mir kënnen net a Strukturen, déi dofir net gemaach sinn, dat do elo abauen, esou gär mer dat wëlte maachen. Ech mengen net, dass dat méiglech ass.

Trotzdem wëll ech awer de Piraten soen, dass mir mat der Iddi komplett sympathiséieren. Ech mengen, jiddereen heibannen ass der Meenung, dass dat do muss, soll gemaach ginn an dass et eebe just eng Fro ass vun der praktescher Méiglechkeet.

Well et praktesch net méiglech ass, wäerte mer et net matstëmmen. Mir stëmmen awer sécher net dergéint. Mir wäerten eis enthalten, awer, wéi gesot, mat voller Sympathie fir déi Iddi, déi an dëser Motioun ausgedréckt gëtt.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. Da kritt d'Wuert den Här Marc Spautz.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo, merci, Här President. D'Motioun ass sympathesch, fir se matzestëmmen, mee et ass awer net machbar. Et sinn och net nëmmen déi! Do ginn och Haiser opgezielt, wou ech mer vill Froen derbäi stelle bei deene prezisen Haiser, well do och net ëmmer alles richteg ass bei deenen Nimm.

Et si schonn Analysen emol an der Zäit gemaach gi fir ze kucken, fir kënnen Toilett bäizesetzen. Dat war deemools technesch net dran an do ass d'Decisioun geholl ginn, fir nei Haiser ze bauen, fir an nei Haiser ze investéieren. Bei deenen engen ass et méi séier gaangen, bei deenen aneren huet et méi laang gedauert. Mee fir do esou en Datum ze setze vum 8. Dezember 2024, ech mengen, domadder géife mer eis selwer beléien, wa mer esou eppes géifen hei decidéieren.

Mee et ass wichteg, dass mer de Programm weider fërderen an dass et méi séier muss virgoen, well et ass e Besoin do. Mee et ass awer genausou kloer, dass een dat do net ka matmaachen. An dofir kënnen mir déi Motioun och net matstëmmen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. Da ginn ech d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Och merci fir déi seriö Diskussioun. Sécherlech, déi Fro hunn ech mer och gestallt, wéi et ze realiséieren ass.

**Plusieurs voix** | A!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Jo. Dofir hu mer jo och bewosst zwee Joer drageschriwwen. A kuckt een déi Projeten zum Beispill, déi herno kommen, wou sécherlech méi grouss Projeten, méi grouss Renovatiounen, stattfannen, wéi eng Toilette bäizesetzen an den Zëmmeren, da wär et scho méiglech. Et ass nämlech ...

(Interruption)

Jo, déi nei Strukture kréien dat. D'Zuele sinn elo net méi ganz aktuell, well 2021 waren awer 271 Logementer vu Leit, déi keng Toilette haten, 495, déi emol keng Dusch haten. Dat heescht, déi hunn einfach net d'Chance, fir an eng nei ze kommen, an ech mengen och net, dass déi, esou wéi am Moment d'Demande do ass, dann einfach kënnen an eng nei wiesselen. Dat heescht, déi wäerte bis zu hirem Doud ouni Toilette musse liewen.

An dofir war haut déi Propos, fir eeben op d'Bedreier Drock ze maachen, fir deene Leit eng Léisung unzebidden. Zwee Joer war e grouse Spillraum, an deem ee scho gewëssen Aarbechten an engem Haus kéint maachen. D'Iddi dohannert ass eeben, e Signal ze setzen, fir dass alleguerten d'Bedreier géife verstoen: Et kann net sinn, dass ee säi Liewenswond ouni eng eegen Toilette verbréngt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert un d'Madamm Familljeministesche Corinne Cahen.

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. Ech widderhuelen nach eng Kéier: Aus zwee vun deenen Haiser, déi Der opzielt, sinn d'Leit schonn erausgeplënnert respektiv plënnere geschwënn eraus. Dat heescht, déi Zuelen, déi Der elo genannt hutt, déi stëmmen an deem Sënn net méi, well mer elo zwee ganz Haiser eidel gemaach hunn: Déifferdeng a Rëmeleng. Déi sinn elo geplënnert. An d'nächst Joer wäerten déi vun Nidderkuer op Käerjeng plënnere.



Dat heescht, Dir gesitt, mir schaffen do emseg drun. Ech versprochen och, dass mer weider wäerten do-runner schaffen, fir dass mer méi modern Strukturen hunn. Verschiddener kann ee vläicht ëmbauen, anerer kann een net ëmbauen. Mir sinn amgang ... Wéi gesot, am Süden hu mer elo déi zwee ganz grouss Gebaier, déi elo opgaange si respektiv d'nächst Joer opginn. An ech mengen, do si mer wierklech um gudden Wee a mir maachen natierlech onst Beschit, fir d'Strukturen ze moderniséieren. A mir wäerten als Familijeministère och do derhannert bleiwe respektiv och dat finanziell ënnerstëtzen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Familijeministesch. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 51 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm) et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. Gusti Graas) et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.*

## 6. 8099 – Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

De leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Woch ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Frank Colabianchi, den Här Carlo Weber, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Marc Goergen an den Här Marc Lies. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir wësst, geet et bei der järelecher Orientéierungsdebatt zu de Grands projets, déi mer haut de

Mëtteg féieren, ëm de Finanzement vun de groussen staatlechen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen.

Fir déi deemtspriechend Etüde kënnen ze verdéieren an d'Projete kënne weiderzedreiwene, muss d'Chamber fir d'éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Informatioun a Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen.

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e virausiichtleche Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro oder méi erreche wäerten. Doriwwer eraus muss dann awer bekanntlech och nach fir all Projet, deen de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, an engem spéidere Stadium e separat Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem sech d'Chamber dann am Detail auserneeetzt wäert.

D'Mobilitéitskommissioun ass alljoers fir d'Préparation vun dësem Débat d'orientation zoustänneg souwéi fir d'éischt Analys vun de viséierte Projeten, an d'Chambersplenië, wéi gesot, fir den Accord de principe duerch d'Unhuele vun enger Motioun, an dat am Prinzip ëmmer am Virfeld vum Vott vum Staatsbudget Enn des Joers.

Ouni dës parlamentaresch Prozedur ronderëm d'Grands projets géifen dës lafend oder zukünfteg Projeten nämlech ëmmer just zesumme mat allen nach onfäerdege Grand-projete vun de Jore virdu an den Annexe vum järeleche Budgetsgesetz opdauchen, an dann och net als eenzel konsolidéiert Projeten, mee just mat den Ausgabe fir dat betreffend Budgetsjoer respektiv iwwer e puer Joer gestreckt am pluriannuelle Budget.

Nom Accord de principe hei an der Plenië ass et dann awer d'Budgetskontrollkommissioun, déi fir de finanzielle Suivi vun de groussen Infrastrukturprojeten zoustänneg ass. Dat bedeit, datt den zoustännegen Minister der Kommissioun am Prinzip all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun de lafende Projete presentéiert.

Esou vill schon emol zur parlamentarescher Prozedur, déi elo – mat just liichten Upassungen – zënter eppes méi wéi 15 Joer besteet.

A fir de Grands-projets-Debat 2022 kouw et elo no ettleche Joren och nees zu enger liichter Upassung. Nei ass, datt ab elo och d'Infrastrukturprojete vum Fonds Belval mat op der Lëscht vun de Grands projets vum Staat stinn.

Mam Gesetzesprojet Nummer 7601, dee mer den 10. Juli 2021 heibannen ugeholl haten, gouf d'Fonctionnement vum Fonds Belval vereinfacht, an zwar an deem Sënn, datt de Fong zanterhier net méi fir all eenzelne Projet en extrat Finanzéierungsgesetz brauch, egal wéi héich d'Käschte waren, mee just nach ab dem bekannte Seuil vu 40 Milliounen. An anere Wieder gëllen elo fir den Établissement public Fonds Belval genee déi selwecht Reegele wéi fir déi verschidde Staatsverwaltungen: Fir Projeten iwwer 10 Milliounen gëllt d'Prozedur vun de Grands projets an ab 40 Milliounen ass en extrat Gesetz néideg.

Här President, haut de Mëtteg geet et also hei am Débat ëm den Accord de principe vu weider 52 Infrastrukturprojeten. Dat sinn der exakt duebel esou vill wéi d'lescht Joer. Deemno wäert ech méi Zäit wéi gewinn fir dës Opzielung brauchen, woubäi ech probéieren, d'Projeten esou gutt et geet komplett an awer kuerz a knapp ze beschreiwen.

20 vun de virleiede Projete leien an der Responsabilitéit vu Bâtiments publics, 19 an där vum Fonds des routes, also der Ponts et chaussées, 6 gehéieren an de Beräich vun der Eisbunn a 7 Projete leien an der Verantwortung vum Fonds Belval.

Vu déi héich Unzuel u Projeten, ass eng Kommissiounssëtzung net duergaangen, fir op alles anzugehen. Sou goufen dës Projeten an der Sëtzung vum 24. November 2022 an an der Sëtzung vum 30. November vun dësem Joer vun den Administratiounen vu Bâtiments publics a Ponts et chaussées esouwéi vun de CLF an de Responsabele vum Fonds Belval virgestallt.

Wa mir eis déi Lëscht méi genee ukucken, stelle mer fest, datt de Spektrum vun de Projete wéi ëmmer ganz breet ass. Et geet ëm modern a fonctionnel Gebaier, et geet ëm effikass staatlech Servicer, wéi d'Police oder d'Waasserwirtschaftsamt, ëm d'Revalorisation an d'Weidernotzung vun alem Industriepatrimoine oder ëm innovativ Weltraumfuerschung.

A wéi et och schonn déi lescht Joren de Fall war, geet et och dës Kéier nees ëm Milliouneninvestitiounen an d'Zukunft vun eisem Land, ëm gezielt Investitiounen fir eng besser a méi kohärent Mobilitéitsoffer. Duerch déi dynamesch Entwécklung vun eisem Land soll a muss sech eis Mobilitéitsplanung net nëmmen dëser Dynamik upassen, mee idealerweis d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joren antizipéieren.

Am Abrëll vun dësem Joer huet de Mobilitéitsminister an deem Kontext och dat neit a wichtegt Instrument vum PNM 2035 virgestallt, de Plan national de mobilité fir den Horizont 2035. Et handelt sech heibäi ëm en ëmfaassend Mobilitéitskonzept, dat als Zil huet, all déi verschidde Mobilitéitsreseau beschtméiglech mateneen ze verknäppen an openeen ofzestëmme an, wéi grad gesot, fir eis haut schonn kënnen op d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joerzénge virzereeden.

Op der aktueller Lëscht vun de Grands projets d'infrastructure stinn och elo déi éischte Kéier Projetproposen drop, déi en direkte Bezuch op de PNM 2035 huelen.

An et geet ëm Investitiounen an d'Zukunft vun eise Kanner a Jugendlechen. Nieft der Renovatioun, der Vergréisserung oder dem Neibau vu Grondschoulen, Lycéeën a Gebailechkeete fir d'Erwuessenebildung, inklusiv Sport-, Accueil- a Restaurantsinfrastrukturen, sinn awer grad och Projete fir déi Vulnerabelst dobäi: fir Kanner a Jugendlecher an Nout, fir Schoulofbriecher oder Jonker mat Schwieeregkeeten um Aarbechtsmaart.

Deemno ass déi aktuell Lëscht mat rekordverdächtige 52 Projeten och dës Joer nees eng interessant Sammlung vu Pläng fir eng sënnavoll Weiderentwécklung vun eisen éffentlechen Infrastrukturen, vu Projeten, déi zu engem gudden Fonctionnement vum Staat a vum Land an zur Liewensqualitätéit vun alle Biergerinnen a Bierger wäerte bäidroen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi d'lescht Joer scho wäert ech Iech dës 52 Projete mëndlech just a gekierzter Form virstellen. Déi weider Detailler konnt Dir a mengem schrëftleche Rapport an doriwwer eraus an de Präsentationsdokumenten vun de Verwaltungen noliessen.

Ech fänken u mat den 20 Projete vu Bâtiments publics, an där selwechter Reiefolleg, wéi se a mengem schrëftleche Rapport opgefouert sinn.

Déi éischt 9 Projete ginn iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert, 7 weider Projeten iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires, de 17., 18. an 19. Projet iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux an dee